**Matdeelung un d’Escher Biergerinnen a Bierger**

Mir sinn dëse Mëttwoch, de 5. Juni 2024, op Convocatioun vun eise Presidenten Andy Bausch a Katja Battin zesummekomm, fir iwwert d’Verurteelung vum Éischte Schäffe vun der Stad Esch Pim Knaff ze diskutéieren.

D’Lokalsektioun déi gréng Esch ass enttäuscht iwwert d’Affär an den Ëmgaang domat. Mir gréng hätte fir eis aner Konsequenze gezunn. Gläichzäiteg muss all Partei Verantwortung fir hir eege Mandatairinnen a Mandatairen iwwerhuelen an decidéiert och selwer, vu weem si am Schäfferot vertruede gëtt.

Mir sinn dës Koalitioun mat der CSV an der DP agaange fir eng ambitiéis Politik fir d’Escher ze maachen, déi eis Stad méi liewenswäert mécht. Mir hu mat de Koalitiounspartner an deene leschten 12 Méint vill Projeten an d’Weeër geleet, zum Beispill nei Spillplaze fir eis Kanner, méi sécher Schoulweeër, Verbesserunge fir d’Vëlosinfrastruktur a Begréngung vun ëffentleche Plazen. Vill weider Initiative sinn an der Maach.

Aus all dëse Grënn hu mir no laangen Diskussiounen unanime decidéiert, an dëser Koalitioun weider ze schaffen. Mir wäerten eis weiderhin dofir asetzen, dass den Escher Biergerinnen a Bierger hier Suergen eescht geholl ginn, a wëllen eis Stad mat enger gudder Politik weiderbréngen.

*Esch, de 5. Juni 2024*
*Matgedeelt vun der Lokalsektioun déi gréng Esch*